N° 5591
Reçue le 26.01.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.01.2022

CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 26. Januar 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **drénglech** parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

An enger Newsletter vun der Enseignantsgewerkschaft SEW, datéiert op de 24. Januar, geet vu Problemer beim Respektéiere respektiv Applizéiere vun de Corona-bedéngte Virschrëften a verschiddene Schoule vum Enseignement Secondaire rieds.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Educatiounsminister stellen :

- Huet den Här Educatiounsminister Kenntnis vu Fäll, wou Schüler, déi geimpft an/oder nees gesond sinn, an der Klass sëtzen an trotz Covid-änleche Symptomer refuséieren, se ech engem Schnelltest z'ënnerzéien ?
- Wa jo, wat gedenkt den Här Minister dogéint z'ënnerhuelen ?
- Kann den Här Minister confirméieren, dass an eenzele Schoulen ongeimpfte Schüler, déi net um Testing deelhuelen, bei engem positive Fall an der Klass sou laang weider an d'Schoul ginn, bis se vun der Santé – an dat kann aktuell e puer Deeg daueren – a Quarantaine geschéckt ginn ?
- Wa jo, wéi positionéiert sech den Här Minister par Rapport zu deem Oflaf an deem doduerch entstoenden zousätzleche Risiko für Schüler a Léierpersonal ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktiounspresidentin

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5591 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

**Ad 1) an 2)**

Ech wëll fir d'éischt rappeléieren, datt d'Participatioun um Dispositif vum Testing an de Schoulen dem Consentement vun deene Concernéierten ënnerläit: Bei Schüler ënner 16 Joer mussen d'Elteren de Consentement ginn, Schüler ab 16 Joer kënnen dës Decisioun selwer huelen. Am Enseignement secondaire ass den Taux vum Consentement ganz héich; e läit aktuell bei 92,5 %.

Wa Schüler mat Covid-änleche Symptomer sech an der Schoul ophalen, sou huet d'Léierpersonal d'Instruktioun kritt, d'Elteren ze kontaktéieren. Schonn am Ufank vum Schouljoer hunn ech den Eltere recommandéiert, hir Kanner net an d'Schoul ze schécken, wann si Symptomer vun enger Gripp hunn.

Iwwerhaapt si mir an der Gestioun vun der Pandemie am Schoulmilieu op ee verantwortungsbewosst Handele vun alle Membere vun der Schoulcommunautéit ugewisen, also och vun Elteren a Schüler.

Konkreet hunn ech keng Kenntnis vun deene Fäll, déi déi honorabel Deputéiert beschreift. Ech denken awer, datt et an Ausnamefäll ka virkommen, datt ee Schüler dee geimpft ass an/oder nees gesond ass, trotz Covid-änleche Symptomer refuséiert, sech engem Schnelltest ze ënnerzéien.

An esou engem Fall wäert d'Léierpersonal probéieren, dee betraffene Schüler a seng Elteren zu engem verantwortungsbewosste Verhalen ze incitéieren.

**Ad 3) a 4)**

Ech wëll hei preziséieren, datt

- Quarantainë just vum Direkter vun der Santé oder sengem Vertrieder kënnen ordonnéiert ginn;
- d'Schoul den Impftstatus vun de Schüler net kennt, an och net weess, ob se als "nees gesond" oder "retabléiert" gëllen.

Wat d'Fro vun der honorabeler Deputéiert betrëfft, sou sief gesot, datt wann e positive Fall an enger Klass optrëtt, en automatiséierten Envoi un de Schüler oder d'Eltere vu Schüler, déi kee Consentement zum Testing ginn hunn, gemaach gëtt. An dësem Envoi gëtt den Dispositif nach eng Kéier erkläert, ë. a., datt Schüler, déi net geimpft oder net retabléiert sinn a kee Consentement hunn, doheem solle bleiwen, dëst och wann si nach keng Ordonnance de quarantaine vun der Santé kritt hunn.

Duerch eng weider Automatiséierung vun de Prozedure wäerten an Zukunft d'Delaie kënne reduzéiert ginn.

Konkreet hunn ech och hei keng Kenntnis vun deene Fäll, déi déi honorabel Deputéiert beschreift, kann awer net ausschléissen, datt se ausnamsweis virkommen. Et muss een och hei op ee verantwortungsbewosst Handele vun alle Concernéierte setzen.

Lëtzebuerg, de 7. Februar 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH